LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 158 vum 10. Januar 2024 vun der Madamm Deputéiert Alexandra Schoos a vum Här Deputéierte Jeff Engelen.**

*Fro 1: Kann d'Madamm Minister matdeelen, firwat den CR118 entgéint deem wat der Gemeng zougesot gouf, elo trotzdeem gespaart gëtt?*
*Fro 2: Kann d'Madamm Minister matdeelen, firwat där vum Waldbëlleger Schäfferot ausgeschaffter Variant kee Suivi gi gouf, an an deem Zesummenhang déi entspriechend Käschtendifferenz chiffréieren?*

D'Aarbechte vum Projet "*Réaménagement du carrefour CR118/CR121 à Breidweiler-Pont avec reconstruction des OA355 et OA359*" hu sech am Verglach zu der initialer Planung, wéi se viru Jore mat der Gemeng beschwat gi waren, aus verschidde Grënn verlängert. Een Grond ass, datt wéinst dem usässege Schwaarzstorch dee grad do säi Bruttgebitt huet, d'Aarbechte réischt e puer Méint méi spéit wéi geplangt ufänke konnten. Deemno sinn esou méi Aarbechten an déi schlecht Wiederperiod gefall.

Zousätzlech sinn am Laf vum Projet Adaptatioune gemaach ginn, wou ënnert anerem op Wonsch vun de Gemenge Waldbëlleg a Konsdref eng Ënnerféierung fir d'Wanderer ënnert der Bréck um CR118 (OA355 iwwert d'Schwaarz Iernz) amenagéiert gouf. Duerch dës Adaptatioun huet sech déi ganz Ausféierung vum Projet geännert. Speziell Gerüster a Verschalunge vun der Bréck sinn amenagéiert ginn an d'Pläng vun der Bréck wéi och d'Ëmweltgeneemegungen hu missen deementspriechend modifizéiert ginn.

D'Gemeng huet virgeschloen de Verkéier um CR118 vu Chrëschtnech eraus a Richtung Präiteler-Bréck mat roude Luuchten ze reegelen an den CR118 tëscht dem neie Rondel a Konsdref fir de Verkéier zouzemaachen. Well no dësem Prinzip da virum Rondel Präiteler-Bréck a beim Chantier um CR118 Richtung Chrëschtnech rout Luuchte gesat misste ginn, géingen eleng tëscht Chrëschtnech an dem Mëllerdall 3 rout Luuchte stoen (inklusiv déi um CR121 Richtung Mëllerdall), wat op dëser kuerzer Distanz kee Sënn géing maachen.

Aktuell sinn déi meeschten Aarbechten awer schonn ofgeschloss an et ass een um Punkt fir déi lescht zwee Accèsen am Rondel z'amenagéieren. Dobäi soll den CR118 bis op Chrëschtnech och ausgebaut ginn. Mat roude Luuchte konnt dëst schonn op enger Säit gemaach ginn. Dogéint ass deen zweeten Deel awer net mat roude Luuchten ze realiséieren, wéi et vun der Gemeng proposéiert gouf, mee misst dofir komplett gespaart ginn.

De Grond dofir ass, datt de Verkéier ze no un d'Äerdaarbechte kënnt, well et ënnert anerem och een Héichtenënnerscheed tëscht den zwou Spuere gëtt (déi di well néi gemaach gouf an déi di lo néi gemaach gëtt) a mat der zousätzlecher Ofsécherung vum Chantier d'Strooss op dëser Plaz dann nach méi enk wier, wat dann och mat sech bréngt, datt keng grouss Gefierer wéi Busser, Camionen, Trakteren, asw. zirkuléiere kéinten. Ausserdeem wiere mat roude Luuchten d'Plazverhältnisser op dësem Chantier an och um Rondel einfach ze enk fir d'Aarbechte propper an ouni zousätzlech Gefor fir d'Automobilisten*innen an d'Leit um Chantier ze realiséieren.

D'Gemeng gouf och ëmmer am Viraus informéiert, wat d'Plange vun de Spärungen an den Ëmleedungen ugeet an et gouf och ëmmer zesumme gekuckt fir déi beschtméiglech Léisung ze fannen. Bei der an dëser parlamentarescher Fro genannter Spärung, sinn déi concernéiert Gemengen och scho Mëtt Dezember a Kenntnis gesat ginn.

De Projet mat der Spärung an den Ëmleedunge gouf dann deemno och sou vun der Stroossenbauverwaltung an d'Weeër geluecht. Zousätzlech gouf der Gemeng och eng detailléiert Berechnung fir den Ëmwee vum Schoultransport zoukomme gelooss.

An der Tëschenzäit sinn awer rezent divers Problemer opgetaucht, wéi zum Beispill déi eenzel Detailer zu der Organisatioun vum Schoultransport an d'Nët-Ufuere vum Mëllerdall fir d'Schüler vum Iechternacher Lycée, vun deene wärend der Planung vun dëser Spärung näischt gewosst war, respektiv vun deenen d'Stroossenbauverwaltung deemools och net a Kenntnis gesat gouf.

Trotz de beschriwwene Schwieregkeete konnt d'Stroossenbauverwaltung d'Aarbechten elo ëmorganiséieren.

D'Aarbechten um CR121 a Richtung Mëllerdall, wou wéinst den Iwwerschwemmungen am Joer 2021 de Buedem gerutscht war an de Verkéier am Moment duerch rout Luuchte gereegelt gëtt, ginn elo virgezunn. Dësen Deel gëtt deemno gespaart an den Trafic aus Richtung Mëllerdall gëtt iwwert den CR356 Richtung Konsdref an dann iwwert den CR118 erëm zeréck op de Rondel Präiteler-Bréck ëmgeleet. De Verkéier um CR118 tëscht dem Rondel Präiteler-Bréck a Chrëschtnech gëtt dann och op enger Spuer mat roude Luuchte gereegelt.

Allerdéngs sinn déi ursprünglech geplangten Aarbechten an d'Spärung vum CR118 um Stroossendeel Chrëschtnech - Präiteler-Bréck wéinst den uewe genannte Schwieregkeeten net vum Dësch. Dës Aarbechte ginn an d'Ouschtervakanz verluecht, esou datt dës keen Impakt op de Schoultransport wäerten hunn.

Ausserdeem ass ze betounen, datt den Deel vum CR121 tëscht dem Rondel Präiteler-Bréck an dem Blummendall (deen aktuell nach zou ass) fir den Trafic opgeet, ier d'Aarbechten um CR121 Richtung Mëllerdall ufänken. Zum Zäitpunkt vun dësen Aarbechten um CR121 Richtung Mëllerdall respektiv deenen um CR118 Richtung Chrëschtnech an der Ouschtervakanz, wäerten ëmmer jeeweils 3 Äerm vum Rondel Präiteler-Bréck op sinn.

Well d'Propose vun der Gemeng, fir d'Aarbechte sou ze realiséieren, sou net zeréckzebehalen ass, handelt et sech heibäi deemno och net ëm eng Fro vun de Käschten.

*Fro 3: Am Fall vun enger medezinescher Urgence kënnt et fir d'Rettungsdéngschter op all Minutt un. Kann d'Madamm Minister matdeelen, firwat deem Aspekt hei anscheinend net Rechnung gedroe gëtt?*

D'Strooss a Richtung Blummendall – Reiland wäert de Moment vun de Aarbechten erëm fir de Verkéier op sinn an esou wäert de Wee fir d'Rettungsdéngschter méi direkt fräi sinn.

All Projet gëtt natierlech ëmmer am ëffentlechen Interessi realiséiert fir eng bestoend Verkéierssituatioun ze verbesseren. Vun där verbesserter Situatioun profitéiert dono dann och jiddereen.

*Fro 4: Kann d'Madamm Minister garantéieren, datt d'Aarbechten op den CR118 wéi virgesinn ofgeschloss ginn an datt et net zu onerwaarte Verzögerungen kënnt, déi weider Aschränkunge fir d'Bierger verursaachen?*

Eng absolut Garantie kann een ni ginn, zum Beispill muss d'Wieder och matspillen, wat zu dëser Joreszäit ëmmer ongewëss ass.

Meng Servicer sinn awer zouversiichtlech, datt elo mat e bësse Gedold vun de Gemengen, den Awunner*innen an den Automobilisten*innen déi do fueren, de Projet am geplangten Zäitraum kann ofgeschloss ginn, an zwar fir d'Fréijoer 2024.

Lëtzebuerg, den. 19 Februar 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes